CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 DEC. 2014
806

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2014

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit heefen sech d'Kloe vun de Leit landeswäit iwwer Abréch an hir Haiser resp. hir Gebaier, déi leider immens zougeholl hunn. Dëst féiert zu enger grousser Veronsécherung bei de Bierger. Op Onversteesdemech trefft virun allem de Fait, dass vun der Police gefaangen Abriecher, no kuerzer Zäit rëm op fräie Fouss gesat ginn. Och ass dëse Fait net motivant fir d'Police déi versichen hiert Bescht um Terrain ze maache fir de Problem an de Grëff ze kréien.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Justizminister stellen:

- Kann de Minister mir des Ausféierunge bestätegen ?
- Firwat ginn Abriecher oft rëm fréizäiteg lafe gelooss ?
- Misste Gesetzer net deementspriechend geännert ginn, dass gestallten Abriecher net fréizäiteg rëm op fräie Fouss gesat ginn ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Ali Kaes
Deputéiert